PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/08/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Zu Lëtzebuerg ass et méiglech, fir een Oppräis eng personaliséiert Plackennummer ze kréien. Laut mengen Informatiounen kann een déi Placken awer just bei enger Neiumeldung vum Auto mat umelle loossen. An der Äntwert op d'Fro n°6347 schreift de Minister allerdéngs: *"Esou laang de Proprietär vum Gefier seng Plack net ännert..."*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass et net méiglech, seng Placken duerch eng personaliséiert Plack zu all Moment z'ersetzen? Wa jo, firwat ass dat esou?
2. Existéiert fir déi 4 stelleg Placken eng Waardelëscht oder ähleches? Ginn et hei Krittären no deenen ee kann an der Waardelëscht opsteigen?
3. Wéi vill fënnefstelleg personaliséiert Placke sinn nach disponibel?
4. Wéi vill Gefierer vum Baujoer bis 31.12.1974 mat 5 stellegen Nummerplacke sinn aktuell ugemellt?
5. Wéi vill Gefierer vum Baujoer nom 1.1.1975 mat 5 stellegen Nummerplacke sinn aktuell ugemellt?
6. Wéi vill personaliséiert Nummerplacke vu 5 Zuele besëtzen déi 5 Persounen, Firmen etc., déi am meeschte personaliséiert Nummerplacke besëtzen (ugemellt an temporär ofgemellt)?
7. Envisagéiert de Minister nei Formater u personaliséierten Nummerplacken (zum Beispill mat eegenen Numm drop)? Falls nee, firwat net?
8. Zanter wéini ginn et personaliséiert Nummerplacken?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député